Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Equipe Nationale Route
Branche Ranger-Rover

5, rue Munchen-Tesch
L-2173 Luxembourg

Tel : 26 94 84 - 20
Fax : 26 94 84 - 30

e-Mail : raro@lgs.lu
www.lgs.lu

# RaRo-Engagements-Wuecht: « Ënnert dem Reebou »

**Oder : Wéi faarweg as mäi Liewen ? Wat dréit mech ? Wat deet mech liewen ?**

Präparatioun vum Wee : ënnerwee sti wäiss Stuerm-Käerzen fir sech ze orientéieren, op de Statioune si roud Stuerm-Käerzen ; d'Leit kréien zousätzlech (fir de Noutfall) eng Kaart mat op de Wee, deen max 3 Kilometer laang as
E puer Statiounen si besat (an si kréie no der Method een Ziedel mat), op aneren huelen si sech just een Ziedel mat a liesen deen ënnerwee.

## Fortgoen : Thema : Roueg-gin, sech drop aloossen (besat)

-Kandidaten : 7& evtl. Leit aus der Ékipp
-<u>Zäit</u> : Ufank am Diddelénger Chalet ëm ca.20.00 Auer
-Erklärungen ad Wuecht/Engag.feier (Wuecht ; 3 Seilen vum Engag. ; =och 3 Froen op all Statioun ; Matmënschen = Famill, RaRo-Clan, Schoul, Aarbechtsplaz ; ……
- duerno : Mandala molen, meditativ Musék, all 5 Minutten mëcht een sech op de Wee
Eischten Départ spéidstens ëm 20.30 Auer
Leschten Départ spéidstens ëm …… Auer

**Roud** Statioun vun der **Léift**: « *Gudd, datts Du do bass* » (besat)

-<u>Zäit</u>. 5 Minutten
-<u>Method</u> : Geschicht vum Clochard mat der Telefonsnummer « aus dem Kapp » erzielen :
*Alfons war ein Tippelbruder, und was er hatte, war nicht viel. Um genau zu sein: Es war gar nichts. Bis auf das, was er am Körper trug. Der Anzug geflickt und dreckig, das Hemd, wenn man das noch „Hemd" nennen wollte, und die Schuhe – schweigen wir lieber. Alfons war ein Tippelbruder, und was er hatte, war eine ganze Menge. Er hatte etwas, was ich noch bei keinem Menschen sah. Er hatte eine Zahl, auf dem linken Handrücken eintätowiert, eine zweiteilige Zahl, mit Schrägstrich zwischen den beiden Teilen. Und die Null am Anfang zeigte: Es war eine Telefonnummer. Alfons war ein Tippelbruder. Und wenn er mal ordentlich getankt hatte, und er lag irgendwo in der Gosse, und die Leute fischten ihn auf: Oft konnte er gar nicht sprechen, konnte nicht seinen Namen sagen. Aber eins konnte er: Den Leuten seine linke Hand vors Gesicht halten. Die wählten die Nummer, und es meldete sich ein Pfarrer, sein Pfarrer – Alfons hatte eine todsichere Adresse. Alfons war ein Tippelbruder. Und was er hatte, das war Vertrauen, Vertrauen zu einem Menschen. Zwanzigmal schon war er dort Oder achtunddreißigmal. Und noch kein Mal wurde ihm die Tür gewiesen. Solange diese Nummer nicht verloren geht, bin ich nicht verloren. Dieser eine Mensch bedeutet für Alfons Leben.*

-<u>Froe fir ënnerwee</u> :
*zu mir* : Ween hun ech gäer ? U wee wenden ech mech, wann ët mir wierklech dreckeg geet ?
*zu ménge Matmënschen*: Kann ech all méng Matmënschen akzeptéieren? Behandelen ech d'Leit all gläich oder hun ech dacks Virurteeler ?

*zu Gott*: Spillt Gott a schwéiere Situatiounen eng Roll fir mech ?

Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**

**Equipe Nationale Route**
**Branche Ranger-Rover**

5, rue Munchen-Tesch
L-2173 Luxembourg

Tel : 26 94 84 - 20
Fax : 26 94 84 - 30

e-Mail : raro@lgs.lu
www.lgs.lu

**Orange** Statioun vu **mengen Dreem** : «*Ech dreeme vun…* »

Text vum Antoine de Saint-Exupéry : *« Wenn du ein Schiff bauen willst, so trommle nicht Männer zusammen, um Holz zu beschaffen, Werkzeuge vorzubereiten, Aufgaben zu vergeben, und die Arbeit einzuteilen, sondern lehre die Männer die Sehnsucht nach dem weiten, endlosen Meer. »*

-Froe fir ënnerwee :
*zu mir* : Wat si meng Dreem? Maachen ech eppes fir se ze erreechen oder verdrängen ech se ?
*zu ménge Matmënschen* : Wéi wäit gin ech op Froe vun anere Leit an, déi méi déif gin, méi onbequem sin ? Huelen ech d'Dreem vu menge Matmënschen eescht ? Erwechen ech bei aneren « d'Verlaangere nom wäite Miir » ?
*zu Gott* : Gesinn ech e Sënn am Liewen ?

**Giel** Statioun vum **Gléck/Freed**: *« Ech genéissen…* » (besat)

-Zäit : 5 Minutten
-Method : Jidderee kritt no engem häerzlechen Accueil e Stéck (Transfair- ?)Schokela a léisst dësen op der Zong zergoen ? (heibäi däerf hien/hatt bei engem gemittleche Feier setzen, sech op eng Decke lee'en oder…)
-Froe fir ënnerwee:
*zu mir :* Kanns Du de Moment genéissen oder liewst du meeschtens an der Zukunft ? Strahlst du Freed aus oder dréist du d'Laascht vun der ganzer Welt mat dir erëm ?
*zu ménge Matmënschen*: Mëchs Du gäeren aner Leit frou? Woumadden ?
*zu Gott* : JC seet : « Ich bin gekommen, damit sie das Leben in Fülle haben ». Hues du e « Leben in Fülle » ?

**Gréng** Statioun vun der **Hoffnung** : « *Ech hoffen op…* »

Zitat vum Martin Luther : « Wenn morgen die Welt unterginge, dann würde ich heute noch ein Apfelbäumchen pflanzen."
-Froen fir ënnerwee:
*zu mir* : Hun ech nach Hoffnung (fir mech a fir eng besser Welt) ? Hoffen ech nach op « Fridden, Gerechtegkeet an Erhale vun der Schöpfung » (cf. Engag.text) oder hun ech d'Hoffnung opgin ?
*zu ménge Matmënschen* : Verbreeden ech bei anere Leit Hoffnung oder éischter Hoffnungslosegkeet ? Gesinn ech bei hinnen éischter dat Positivt ?

*zu Gott* : Gett mäi Glawe mir Hoffnung ? Gleewen ech un e Liewen nom Doud ?

**Violett** Statioun vun der **Verännerung** : *« Et soll anescht gin* » (besat)

-Zäit : 5 Minutten
-Method : Zitroune- Geheimschrëft entzifferen (Message *: « Nom Reen kënnt ëmmer d'Sonn »*)
-Froe fir ënnerwee :
*zu mir :* Woumatt sin ech am Moment nët zefridden ? Wat muss sech änneren ?
Gesin ech Konflikter als eng Chance fir ze wuessen? Flüchten ech viru Problemer oder setzen ech mech domat ausernaner ?
*zu ménge Matmënschen :* Lee'en ech anere Leit Sténg an de Wee, huelen ech d'Sténg ewech oder hëllefen ech hinnen, driwwer ze klammen ?
*zu Gott* : Huet sech mäi Bild vu Gott am Laf vun der Zäit geännert ? (oder gleewen ech nach ëmmer un de Mann mat Bart ? ;-)

**Indigo** Statioun vum **Versoen** : « *Ech ka nët méi* »

Text „Spuren im Sand" vum Margaret Fishback Powers:
*Eines Nachts hatte ich einen Traum: Ich ging am Meer entlang mit meinem Herrn. Vor dem dunklen Nachthimmel erstrahlten, Streiflichtern gleich, Bilder aus meinem Leben. Und jedes Mal sah ich zwei Fußspuren im Sand, meine eigene und die meines Herrn. Als das letzte Bild an meinen Augen vorübergezogen war, blickte ich zurück. Ich erschrak, als ich entdeckte, daß an vielen Stellen meines Lebensweges nur eine Spur zu sehen war. Und das waren gerade die*

**Equipe Nationale Route**
**Branche Ranger-Rover**
5, rue Munchen-Tesch
L-2173 Luxembourg
Tel : 26 94 84 - 20
Fax : 26 94 84 - 30
e-Mail : raro@lgs.lu
www.lgs.lu

*schwersten Zeiten meines Lebens. Besorgt fragte ich den Herrn: „Herr, als ich anfing, dir nachzufolgen, da hast du mir versprochen, auf allen Wegen bei mir zu sein. Aber jetzt entdecke ich, daß in den schwersten Zeiten meines Lebens nur eine Spur im Sand zu sehen ist. Warum hast du mich allein gelassen, als ich dich am meisten brauchte?"Da antwortete er: „Mein liebes Kind, ich liebe dich und werde dich nie allein lassen, erst recht nicht in Nöten und Schwierigkeiten.Dort, wo du nur eine Spur gesehen hast, da habe ich dich getragen."*

-Froe fir ënnerwee :

*zu mir* : Kann ech mir verzeie, wann ech versot hun ? Wat gët mir Energi ? Wat/Wien fänkt mech op, wann « näischt méi geet » ? Erlaaben ech mir ze kräischen ?

*zu ménge Matmënschen*: « Halen ech ët aus », wann aner Leit anescht reagéiere, wéi ech ët gär hätt ? Hun ech e Gespiir fir Leit « di nët méi kënnen » ?

*zu Gott* : Wat dréit mech an deene schwéiere Momenter ?

**Blo** Statioun vun der **Fräiheet** : *« Fräi wëll ech sin »* (besat)

-Zäit : 5 Minutten

-Method : E Loftballon mat Gas gët fléie gelooss. Dorun hängt eng Kaart mat engem Sproch, dee virdrun meditéiert gouf an op däer dee perséinleche Fangerofdrock (als Symbol fir méng Eenzegartegkeet) mat Fangerfaarw dropgedréckt gouf. Sprochtext vum Werner Sprenger: « Du bist auf dieser Welt einmalig und dieser Tag heute wird nie wieder sein. Alles was Du tust, ist wichtig, wenn Du es tu es tust, Du, als einzigartiges Wesen in dieser Welt. »

-Froe fir ënnerwee :

*zu mir :* Fillen ech mech fräi ? Wat verhënnert, dat ech mech méi fräi fillen ? Gin ech bis u méng Grenzen ? Kann ech méng Grenzen akzeptéiere ?

*zu ménge Matmënschen*: Meng Fräiheet hält do op, wou deem anere seng ufänkt ! Wou as d'Grenz bei mir ?

*zu Gott* : Mécht mäi Glawe mech méi fräi oder fillen ech mech ageengt ?

**Faarweg** Statioun vum **Reebou**: *« Ech wëll mech engagéieren… a sin net eléng »* (besat)

**Evtl. Text:** *Der Regenbogen ist ein biblisches Zeichen für das Versprechen Gottes, dass er uns Menschen Sicherheit und neues Leben verheißt.*

*"Dann sprach Gott zu Noach und seinen Söhnen, die bei ihm waren: Hiermit schließe ich meinen Bund mit euch und mit euren Nachkommen ... Ich habe meinen Bund mit euch geschlossen: Nie wieder sollen alle Wesen aus Fleisch vom Wasser der Flut ausgerottet werden; nie wieder soll eine Flut kommen und die Erde verderben... Und Gott sprach: Das ist das Zeichen des Bundes, den ich stifte zwischen mir und euch und den lebendigen Wesen bei euch für alle kommenden Generationen: Meinen Bogen setze ich in die Wolken; er soll das Bundeszeichen sein zwischen mir und der Erde... Steht der Bogen in den Wolken, so werde ich auf ihn sehen und des ewigen Bundes gedenken zwischen Gott und allen lebenden Wesen, allen Wesen aus Fleisch auf der Erde."(Genesis 9)*

*Deshalb ist der Regenbogen ein Zeichen gegen Zerstörung wie damals die Sintflut Zerstörung von Leben bedeutete: das wird so nicht mehr geschehen. Dafür braucht Gott unsere Hände und unsere Herzen, damit das wahr werden kann, damit unsere Nation zu einem Land der Verheißung werden kann, in dem wir friedvoll zusammenleben können.*

-D'Leit meditéieren besonnesch awer LGS-Engagementstext, LGS-Gesetz a –Gebiet a schreiwen hiren eegene Verspriechenstext.

-Evtl. zu 2&2 weidergoen mat Austausch

Ukommen : Waarden/Engagementsfeier/ Zesumme feieren

-weider Mandala molen/ Lagerfeier genéissen, bis se all ukomm sin

-Lagerfeier mat Engagementszeremonie (-24.00)

-uschléissend : Ietzebulli (-1.00)